

Begréissungsried vum Marc HOSTERT, President vum CAL, zur Geleeënheet vum 125. Gebuertsdag vum Cercle artistique de Luxembourg am Cercle den 5. Oktober 2018.

Monseigneur,

Här Staatssekretär,

Madame Buergermeeschter,

Dir Damen an Hären Ambassadeuren,

Dir Damen an Hären Deputéiert,

Dir Damen an Hären Verrieder vun der Gemeng,

Madame Éieren-Kulturministesch,

Här Éierepresident,

Dir Dammen an Hären Amis du CAL,

Leif Kënschtlerinnen an Kënschtler,

Dir Dammen an Hären Frënn vun der lëtzebuenger Konscht,

Monseigneur,

Am Numm vum Conseil d'Administration vum CAL an vun sengen Memberen well ech iech Merci soen, dass dir haut um 125 Gebuertsdag vum CAL derbäi sidd. Är Präsens be-kräftegt déi Relatioun déi eis zanter méi wei 125 Joer verbënnt iwwert den Prix Grand-Duc Adolph an den Patronnagë vun der Grand-Duchesse.

Dir Dammen an Dir Hären,

iech alleguerten Merci dass Dir haut den Owend um Gebuertsdag vum Cerclë sidd.

Leif Kënschtlerinnen an Kënschtler,

Ären, eisen Cercle Artistique feiert haut s'een Gebuertsdag an kuckt op eng laang Traditioun zeréck.

Am Grand Café hei op der Place der d'Armes gouf am Joer 1893 den CAL gegrënnt. 50 Joer no der Onofhängegkeet vun Lëtzebuerg.

Op déi Plaz, wou alles ugefaangen huet, huet de CAL haut Iech all angelueden op a Fest mam Thema "Le CAL - hier, aujourd'hui ... et demain"

D'Roll vum CAL war an ass et, d'Konschtzeen Lëtzebuerg duerzestellen an se visibel ze maachen.

Donieft ass den CAL awer och Platz wo eng Rëtsch vun Suergen déi eis Memberen hunn ukommen an ausgesprach ginn.

Den Conseil d'Administration huet an den leschten 3 Joer sech selbstkritesch mam CAL auserneen gesat an ass am gaangen eng Partië vun Ännerungen ëmzesetzen och op Basis vun enger Ëmfro déi mer bei den Kënschtler gemaach hunn.

Mir hunn festgestallt dass den CAL eng formidabel Traditioun huet, eng grouss national Image de Marquë, an besonnesch en Centre d'Excellence ass vun den Kënschtler hei am Land ass.

Op déi Wäerter an den Schatz gelt opzebauen an een konsequent weiderzëentwéckelen.

Monseigneur,

Dir Dammen an Dir Hären,

Net manner wei 1400 Kënschtler sinn an deenen leschten 125 Joer op mannst Emol beim Salon vum CAL ugeholl ginn.

Wien erënnert sech nach un dei? Den CAL .... !

Wann Kultur an deemno och Konscht den Zement soll sinn den dozou bäidréit eis Gesellschaft zesummen ze halen dann müssen mer och an Kultur investéieren!

Der Lëtzebuerger Konschtwelt feelt vrun allem eng Plaz, en Archiv, eng Struktur, op där och d'Ierwe vun de Kënschtler kann erfaasst ginn. Doriwwer eraus misst e Kënschtler-Lexikon opgebaut ginn. An d'Kënschtler an hir Wierker missten och an de Schoulen en Thema ginn.

Mir brauchen och eng Platz wo eis jonk Kënschtler an déi confirméiert hier Wierker engem gréisseren Publikum regelméisseg zougänglech kennen maachen.

Den CAL ass bereet bei all dësen Initiativen matzewierken.

Monseigneur,

Dir Dammen an dir Hären,

Mir sinn awer den Owend och hei fir en bëssen an Zukunft vum CAL ze kucken.

Mir wëllen eis méi den jonken Artisten opmaachen an wäerten op eis Thematesch Ausstellung jonk Artisten weider alueden matzemaachen. Doriwwer eraus sollen am Cadre vum Salon 2020 un e puer jonk Kënschtler eng Fläch kréien déi see frei gestallten kennen.

Mir sinn och derbäi mat der Associatioun vun den Konscht Proffen Konzepter auszeschaffen wei mer méi Schüler op eis Ausstellungen kréien

D'nächst Joer plënnert de CAL aus dem Gronn, an d'Uewerstad niift Mechels-kierch. Zesummen mat der Staat Lëtzebuerg an sécherlech och mam Ministère riichten mer do en Formations Sall an wo mer kleng Formation organiséieren kennen fir den Kënschtler bei prakteschen Problemer wei TVA, Packaging asw ze hëllefen.

Den CAL huet och beim Kultur Entwécklung Plang aktiv matgewierkt mir hoffen dass do déi Saachen ëmgesat ginn déi eisen Kënschtler feelen; Besonnesch déi Mesuren déi derzou bäidroen eis Kënschtler an Ausland ze bréngen.

Fir all des Saachen ëmsetzen brauch den CAL awer eng nei Conventioun déi eis déi néideg Mëttelen gëtt fir Planung-Sécherheet an der Zukunft ze hunn. Mir sinn zouversichtlech dass mer net am Stach gelooss ginn.

Wei der gesitt huet den CAL net nëmmen eng laang Traditioun zanter 125 Joer, méi en ass weider méi ewéi aktuell.

Monseigneur,

Dir Damen an Hären

Dir Dammen an Dir Hären,

Erlaabt mer weg am Numm vun eis all dem Cercle Artistique weider eng grouss Zukunft ze wënschen!

.....

Merci all den Sponsoren an all den Leit déi sech fir den Succès vun dësem Fest engagéiert hunn.

Merci och der Gemeng Lëtzebuerg, dem Kulturministere fir déi konstruktiv zesammen Aarbecht déi mir an dënnen leschten dréi Joer haten.

ECH lueden iech och an um Vernissage vum Salon 2018 den 9. November em 19 Auer am Tramsschapp organiséiert am Cadre vun der Luxembourg Artweek der bei ze sinn.

( NB. Seule la parole prononcée fait foi )

